ZUM ETAT VUM HANDWIERK ZU LËTZEBUERG

D'Handwierk mécht zu Lëtzebuerg ee Fënneftel vum Emploi aus: Elleng an dësem Secteur schaffen iwwer 100.000 Leit, dat a gutt 9.000 Betriber[1]. Den Nowuess un handwierkleche Kompetenze kann aktuell an op laang Dauer net séchergestallt ginn. D'Ausbilde vu Jonken ass fir d'Betriber deelweis eng Laascht; et hemmt d'Effizienz am Schaffen. E weidert Phenomen ass d'indirekt Konkurrenz duerch d'ëffentlech Hand: Vill Handwierker, dorënner besonnesch Jonker, wiessele kuerz nom Ausbildungsofschloss bei de Staat oder eng Gemeng, oft begrënnt duerch besser Aarbechtskonditiounen[2]. Previsiounen no ginn an deenen nächsten 10 Joer ee Véierel vun den aktuell Beschäftegten an d'Pensioun[1] a schonn am Joer 2023 hu wäit iwwer 3000 qualifizéiert Handwierker zu Lëtzebuerg gefeelt[3]. D'lëtzebuergescht Handwierk steet zudeem a Konkurrenz mat auslännesche Betriber, déi op méi käschtegenschteg Aarbechtskräften zréckgäife kennen.

D'Handwierk ass ee vun den ekonomesche Piliere vu Lëtzebuerg an däerf dofir net vernoléissegt ginn. Fir och den zukünftege Generatioune Wuelstand ze garantéieren, ass et noutwenneg, eng nei Dynamik an dëse Secteur ze bréngen.

D'CSJ - Schüler a Studenten stellt fest, dass:

a) Am Handwierk den Nowuess feelt. Am Joer 2023 haten 91% vun den astellende Betriber Schwieregkeeten, gëeegent Personal ze fannen[3]. Eng handwierklech Ausbildung ass bei Jonken aktuell ze rar den éischte Choix. Dës Filière gëtt leider als manner prestigiéis ugesinn, verglach mat enger akademescher. Virurteeler vis-à-vis den Handwierksberuffer iwwerweien oft den de Jonke wéineg geleefege Virdeeler a Karriärsméiglechkeeten am Handwierk. Dozou ziele Flexibilitéit, Selbstännegkeet a Selbstverwierklechung.

b) Dem Handwierk an der Schoul et u Visibilitéit feelt. Jonker hunn an hirer schoulescher Karriär wéineg Kontakt mat handwierklechen Aktivitéiten; d'Geleeënheet vir sech fir d'Handwierk begeeschteren ze loossen ergëtt sech net konkret. Zudeem ass d'Formation professionnelle ze mann gefërdert. D'Däitschsproochegkeet vu Professionellklasse ass oft eng sproochlech Barrière am modernen, multilinguale Lëtzebuerg.

---

[1] https://www.cdm.lu/artisanat/chiffres-et-statistiques

[2] Entrevue FdA

[3] https://www.tageblatt.lu/headlines/luxemburg-sucht-3-800-qualifizierte-handwerker/

c) D'Ausbilde vu Jonken eng zousätzlech Belaaschtung vir en Handwierksbetrib ass. D'Aarbechtseffizienz vum Ausbildungsbetrib, dee momentan oft scho strapazéiert ass duerch héich Material-, Produktiouns- an Energiekäschten, geet erof. Ee Jonken ausbilde beusprocht natierlech Zäit a Ressource, fir déi de Betrib muss opkommen. Dofir ass ee jonken, fäerdeg ausgebilten Handwierker, deen net bei sengem Patron bleift, fir dësen e verluerenen Invest. Ronn 66% vun de Jonke wiesselen no der Ausbildung d'Aarbechtsplaz[1].

d) D'ëffentlech Hand dem private Secteur kompetent Fachkräften ofwërbt[2]. Ronn d'Hallschent vun den Aarbechtsplazen am Handwierk gi vum Staat geschaaft. Hei sinn d'Aarbechtskonditiounen, besonnesch fir jonk Leit, oft méi gënschteg. D'Garantie de l'emploi, e séchere Salaire souwéi Pensioun, verbonne mat attraktive Konditioune fir Suen ze léinen, si Grënn firwat eng grouss Zuel un Handwierker vun engem private Betrib bei de Staat oder eng Gemeng wiesselt.

e) Am Joer 2023 55% vun den Aarbechtsplazen am Handwierk vu Frontaliere besat waren, Tendenz steigend[1]. Rezent erëm agefouert Grenzkontrollen an den Nopeschlänner maachen et vir dës Leit méi penibel an onattraktiv op Lëtzebuerg schaffen ze kommen, z.B. duerch den zousätzleche Stau op de Grenzen. Dëst riskéiert de Fachkräftemanktem ze verstäerken.

f) Administrativ Aufgaben d'Betriber belaaschten, a besonnesch déi kleng[2]. Bürokratie hëlt Zäit an Usproch, déi net produktiv um Terrain ka verbruecht ginn.

D'CSJ - Schüler a Studenten:

1. Proposéiert, dass handwierklech Beruffer entstigmatiséiert ginn, andeems Eventer wéi eng Foire de l'étudiant ausgebaut oder e Pendant opgebaut gëtt fir och iwwert d'Handwierk am Generellen, seng Ausbildungs- a Karriärsméiglechkeeten ze informéieren.

2. Plädéiert dofir, dass d'Handwierksberuffer méi visibel gemaach an am Enseignement secondaire sënnvoll mat agebonne ginn. Dozou gehéiert:

    i. de Schüler eng Orientatiounshëllef ze bidden andeems en Tools fir d'Entdeckung vun de perséinlechen Interessen an Talenter, wéi zum Beispill de „Basic-Check" vun der Chambre des métiers oder den „Talentcheck" vun der Chambre de commerce an den Enseignement integréiert gëtt.

ii. de Programm vun den Optiounsfächer, a Kollaboratioun mat pädagogesch kompetenten Acteure vum Feld, ëm handwierksbezunne Optiounsfächer auszebauen an dës och scho virum Cycle supérieur an no Méiglechkeet och op all de lëtzebuergeschen offizielle Sproochen unzebidden.

3. schléit fir, dass de Staat finanziell Ureizer schaaft, fir dass d'Betriber weider Handwierker ausbilden.

4. suggeréiert, dass de Staat:
   i. den Ausbildungsbetrib vun engem Handwierker, dee kuerzzäiteg nom Ofschloss vu senger Léier bei de Staat gewiesselt ass, duerch Subsiden, steierlech Entlaaschtungen oder aner Mesuren indemniséiert.
   ii. primär versiche sollt mat lokale, private Betriber zesummenzeschaffen. Dëst, amplaz staatlech Plazen opzemaachen, fir divers Aarbechten um Terrain auszeféieren.

5. steet weider fir en oppene Marché an, wat et der lëtzebuerger Ekonomie erméiglecht Fachkräften aus dem Ausland unzezéien. Dëst setzt viraus, dass d'Grenzen zu Lëtzebuerg, mee awer och am ganze Schengenraum, weiderhin op bleiwe fir de fräie Wuereverkéier souwéi d'Persounefräiheet an der EU ze assuréieren.

6. begréisst, dass et scho Léisungen, wéi de Service „eHandwierk" vun der Chambre des métiers gi fir d'Betriber ënnert anerem a juristescher oder administrativer Matière ze ënnerstëtzen. Weider, sti mir fir eng sënnvoll administrativ Simplificatioun an, déi dem noutwennegen Ëmweltschutz gerecht gëtt.

Ofschléissend hält d'CSJ - Schüler a Studente fest, dass méi iwwert d'Handwierk an seng Karriärsméiglechkeeten muss opgekläert ginn, fir den negative Stigma an de Fachkräftemanktem ze bekämpfen. Dëst, andeems schonn an de Schoulen handwierklech Optiounsfächer mat ugebuede ginn. Iwwerdeems sinn et virun allem déi kleng Familljebetriber déi et duerch wuessend administrativ Ufuerderungen[2] an duerch de Fachkräftemanktem ëmmer méi schwéier hu, fir profitabel ze schaffen. Dës weideren, steet d'privat Handwierk zu Lëtzebuerg ënner Drock duerch d'Konkurrenz vum Staat, deen oft méi attraktive Salairen an Aarbechtskonditioune bidde kann. Besonnesch wéinst de rezente protektionisteschen Tendenzen an der Welt, wat och partiell Grenzfermeturen mat aschléisst, steet d'CSJ - Schüler a Studente weiderhin determinéiert fir eng oppen Europäesch Unioun.

Ugeholl um CSJ Nationalkongress vum 1. Mäerz 2025 zu Gréiwemaacher